RESSOURCË WÄERTSCHÄTZEN, OFFALL REDUZÉIEREN

# Neit Offall-Taxereglement ab dem 1. Abrëll 2026




Schëtter

SIAS

Recyclingcenter Munsbach
www.rc-munsbach.lu

KlimaPakt
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima
EUROPEAN ENERGY AWARD GOLD
75%

## INHALTSVERZEECHNES



Avant-propos 03

Zesumme fir eng nohalteg Offallgestioun 06

E kollektive Succès zënter 2021 07

Firwat eng Adaptatioun vun de Präisser am Joer 2026? 08

Nei Tariffer fir 2026 09

Servicer am Iwwerbléck 12

Wéi een den Impakt vun der Präiserhéijung limitéiere kann 14

Den neie Ressourcenzenter zu Minsbech 16

Är Gemeng un Ärer Säit 19

Conclusioun 19

#FÄNKVIRUN



**Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, Serge Wilmes**

D'Gestioun vun de Ressourcen ass ee vun de wichtegste Pilieren an der Transitioun hin zu enger zirkulärer Wirtschaft. D'Efforte vun all eenzelnen ziele fir zu engem bessere Ressourceschutz bäizedroen an eng méi nohalteg Gesellschaft z'erreechen. D'Begleedung vun de Bierger duerch d'Gemengen an d'Syndikater spillt eng entscheedend Roll an dëser Iwwergangsphas.

D'Null-Offall-Strategie vum SIAS ass op d'Ziler vun der nationaler Strategie ofgestëmmt, wou d'Erhale vun de Ressourcë souwéi d'Präventioun an d'Reduktioun vun Offäll eng zentral Bedeitung hunn.

De Prinzip vum „pollueur-payeur" huet seng Wierksamkeet gewisen, andeems en d'Bierger dozou uleet, seng Haushaltsoffäll besser ze trennen. Mat enger ausgeglachener Approche férdert dëse Prinzip d'Bewosstsinn an d'Verantwortung am Ëmgang mat Offäll. Wann de Prinzip ëmgesat ass, dréit en zu enger besserer Ressourcëgestioun am Alldag bäi, andeems en all Mënsch fir den Ëmweltimpakt vu sengen Handlunge sensibiliséiert.

Mir wëllen dofir d'Bierger an d'Gemengen am SIAS encouragéieren, hir erfollegräich Initiative weiderzeféieren, an ënnerstëtze se voll a ganz bei hire Mesurë fir d'Valorisatioun vun de Ressourcen – mam gemeinsamen Zil, den Iwwergang zu enger zirkulärer Wirtschaft virunzebréngen.



**President vum SIAS,
Claude Marson**

*Zesumme fir eng nohalteg Entwécklung an eiser Regioun.*

Wéi eise Syndikat SIAS am Joer 2021 d'Strategie "Null-Offall" lancéiert huet, waren d'gesaten Ziler ambitiéis. Mir woussten, datt mir mat verschiddene vun eisen Approchë Pionéier zu Lëtzebuerg waren.

Haut mécht dësen innovativen Usaz Schoul: vun der Klima-Agence als "Projet Phar" ausgezeechent an iwwer eis Landesgrenzen eraus unerkannt, weist en, datt eng ambitiéis Politik fir d'Gestioun vun de Ressourcen op kommunalem an interkommunalem Niveau méiglech ass. Dësen Erfolleg ass haaptsächlech Iech ze verdanken, léif Biergerinnen a Bierger! Dir hutt Iech bereet erkläert, Är deeglech Gewunnechten an der Gestioun vum Offall ze changéieren. Fir sou iwwerzeegend Resultater ze erreechen, ass et nämlech néideg, déi eegen Akafsgewunnechten ze änneren, eng genee Zortéierung ëmzesetzen an d'Ariichtunge fir d'Zeréckféiere vun de Ressourcen an d'Kreeslafwirtschaft ze notzen – Infrastrukturen, déi vun de Gemengen zur Verfügung gestallt ginn.

Mee dësen Erfolleg stellt eis och virun nei Erausfuerderungen. D'Käschte fir d'Veraarbechtung vun de Ressourcë klammen an d'Ëmweltufuerderunge gi méi streng. Dat neit Offall-Taxereglement gräift dës Konditiounen op wärend gläichzäiteg de Prinzip vum "pollueur-payeur" bäibehale gëtt. An anere Wierder, d'Facturatioun riicht sech nom Gewiicht vum Reschtoffall, wouduerch all Stot fir seng eege Käschte verantwortlech ass. Dëse Prinzip ass fair a motivéiert d'Stéit, sech ëm d'Reduktioun vum Offall ze beméien. Mir zéien doduerch positiv Resultater fir eis Ëmwelt, an zäitgläich kënnen d'Suen, déi d'Gemenge spueren, a Projeten investéiert ginn, déi der Communautéit méi nëtzlech sinn.

De SIAS bleift de kompetente Partner fir seng Membergemengen a setzt sech dofir an, déi uewe genannten Ziler ze erreechen an d'Biergerinnen a Bierger dobäi ze ënnerstëtzen.

#FÄNKVIRUN

## Léif Biergerinnen, léif Bierger,

D'Wichtegkeet vun der Kreeslafwirtschaft war nach ni esou grouss wéi haut. An enger Zäit, wou d'Ressourcen ëmmer méi rar ginn, ass et eis gemeinsam Verantwortung, dës Ressourcen esou vill ewéi méiglech erëm an de Kreeslaf zeréckzebréngen an esou vill ewéi méiglech Reschtoffäll ze vermeiden. Mat enger effikasser Strategie kënne mir net nëmmen d'Ëmwelt schützen, mee och aktive Klimaschutz bedreiwen. All Offall, deen net entsteet, all Ressource, déi erëm benotzt ka ginn, ass e Schrëtt an déi richteg Richtung.

D'Gemeng Schëtter setzt sech zanter Joren aktiv fir eng nohalteg Ressourcëpolitik an. Zesumme mat de SIAS-Gemenge Conter, Nidderaanwen a Sandweiler hu mir et fäerdeg bruecht, d'Quantitéit u Reschtoffäll pro Awunner tëscht 2021 an 2024 ëm ganzer 33% ze reduzéieren. An der Gemeng Schëtter war et esouguer e Minus vu 36%. Dëst ass e wichtegen Erfolleg, op dee mir all kënnen houfreg sinn an dee mir weiderféiere wëllen. Ma dëse Fortschrëtt soll eis motivéieren, nach méi wäit ze goen: Mir wëllen d'Quantitéit u Reschtoffäll weider reduzéieren – am beschte sou wäit, dass iergendwa quasi näischt méi an der groer Dreckskëscht lant. Mir nennen dëst eis "Null-Offall-Strategie".

Den "Guide du tri", deen amgaangen ass iwwerschafft ze ginn, soll Iech dobäi hëllefen, den Offall richteg ze trennen an e besseren Iwwerbléck iwwer déi verschidde Sammelservicer ze kréien. Mir wëllen Iech de Recyclage sou einfach a kamoud wéi méiglech maachen, fir dass et fir Iech e selbstverständleche Geste am Alldag gëtt – eng Routine, déi ouni groussen Opwand zum Ëmweltschutz bäidréit. All korrekt triéiert Verpackung, all recycléiert Ressource bréngt eis dem Zil e Stéck méi no.

Zousätzlech hutt Dir d'Méiglechkeet, de Betrag vun Ärer Rechnung ze beaflossen an eventuell ze reduzéieren, well déi allgemeng Entwécklung vun de Präisser an der Gestioun vun eise Ressourcen och eis Taxen impaktéiert. Esou ass et noutwenneg, eis Taxe fir den Traitement vun de Ressourcen op den 1. Abrëll 2026 ze adaptéieren.

Wichteg ass, datt de Pollueur-payeur-Prinzip an d'Struktur vun den Taxe bestoe bleift. Dës Broschür soll Iech een Iwwerbléck iwwer d'Ännerunge vun den Taxe ginn an Iech och dobäi hëllefen, wéi Dir Är Käschte reduzéiere kënnt.

Mir zielen op Ären Engagement. Zesumme mat Iech kënne mir vill bewierken. Merci, dass Dir eis Offall-Strategie ënnerstëtzt!




**Claude Marson**
**Conny Ney**
**Serge Eicher**

# Zesumme fir eng nohalteg Offallgestioun

2021 hunn d'Gemenge Conter, Nidderaanwen, Sandweiler a Schëtter zesumme mam Ëmwelt- an Naturschutzsyndikat SIAS d'**Null-Offall-Strategie** agefouert. Zënter der Aféierung vun dësem neie System fir d'Sammlung an d'Tarifikatioun vum Offall hunn eis Gemengen e wichtege Schrëtt a Richtung enger méi nohalteger Offallgestioun gemaach.

Dank Ären Efforte sinn d'Resultater siichtbar:



**Manner Reschtoffall pro Awunner.**



**Staark Progressioun vum selektiven Tri an dem Kompostéieren.**



**De Prinzip vum "pollueur-payeur" funktionéiert:** d'Stéit, déi hire Reschtoffall reduzéieren, spuere Suen a schützen d'Ëmwelt.

Dës Fortschrëtter weisen, datt mir op engem gudde Wee sinn hin zu enger propperer Ëmwelt an enger besserer Valorisatioun vun de Ressourcen. Fir op dësem Wee weiderzemaachen an de gesetzleche Fuerderunge gerecht ze ginn, mussen d'Tariffer am Joer 2026 ugepasst ginn.




*Gutt ze wëssen*

### Prinzip vum "pollueur-payeur"

En einfache Prinzip: jidderee bezilt jee no deem, wat e fort gehäit. 1986 vun der Europäescher Unioun ugeholl, weist dëse Prinzip eng fair Logik op: de Präis, deen Dir bezuelt, entsprécht dem Offall, deen Dir produzéiert. Eng konkret Manéier, fir déi ze belounen, déi manner Offall produzéieren a richteg recycléieren.


## E kollektive Succès zënter 2021

Dank dem Engagement vun den Awunnerinnen an Awunner vun eise Gemengen ass d'Quantitéit vum Reschtoffall däitlech erofgaang: Mir si vun 133kg op 90kg pro Awunner pro Joer komm, eng Senkung vun 33% a fënnef Joer. Dëst representéiert ongeféier 2.500 Tonne manner Reschtoffall fir all véier Gemengen – an entsprécht 500 Poubellesween, déi iwwer 2,5 Kilometer opgestallt sinn! All Geste zielt heibäi: Offall reduzéieren, Sortéieren, Kompostéieren.




### Firwat dës Resultater wichteg sinn?

All Kilo Offall, dee vermidde gëtt, bedeit manner verbrannte Ressourcen, manner $CO_2$, eng besser Loftqualitéit a méi Erspuernisser fir jiddereen. Gläichzäiteg heescht dat awer och méi Ressourcen, déi benotzt ginn, fir nei Produkter ze kreéieren, méi lokal Aarbechtsplazen an ee méi gesond Environnement fir jiddereen.





# Firwat eng Adaptatioun vun de Präisser am Joer 2026?

De gesetzleche Kader verlaangt, datt déi ganz Käschte vun eisem Offallmanagement duerch déi kommunal Taxe mussen ofgedeckt ginn. Fir deem gerecht ze ginn an d'Kontinuitéit, d'Qualitéit an d'Effizienz vum Service ze garantéieren, mussen d'Präisser leider am Joer 2026 an d'Luucht gesat ginn.

Dës Adaptatioun erkläert sech duerch verschidde Facteuren:

1



### Allgemeng Inflatioun

Wéi an all de Secteure klammen d'Käschten och hei järlech fir d'Sammlung, den Transport an d'Infrastruktur.

2



### Erhéichte Veraarbechtungskäschten

D'Verbrennung an den Offallmanagement am Allgemenge gi méi deier wéinst verstäerkten Ëmweltufuerderungen.

3



### Punktuell erhéichte Frequenz vun der Sammlung vun organesche Ressourcen, Glas a Pabeier/Kartong.

4



### Nohalteg Investitiounen

D'Gemenge moderniséieren hir Infrastruktur an entwéckelen nei Léisunge fir d'Zortéierung, de Recycling an d'Offallvermeidung ze stäerken.

# Nei Tariffer fir 2026 – Eng néideg Upassung fir en nohaltege Service

Am Joer 2026 féieren d'SIAS-Gemenge Conter, Nidderaanwen, Sandweiler a Schëtter nei Tariffer fir den Offallmanagement an. An der Gemeng Schëtter trieden dës Upassungen den 1. Abrëll a Kraaft.

## Tariffer 2026

| | |
|---|---|
| **BASIS TAX** pro Logement | **60€** /Joer |

**RESSOURCENZENTER**

| | |
|---|---|
| **Zougang fir Stéit** | **gratis** |
| **Zougang fir Entreprisen** | **840€** /Joer |

**POUBELLE FIR RESCHTOFFALL**

| | |
|---|---|
| **1. Poubelle** | |
| 120L | gratis |
| 240L | 60€ |
| 1100L | 660€ |
| **Zousätzlech Poubelle** | **60 - 660€*** /Joer |
| **Tax fir d'Gewiicht** Fir Collecten vu 5kg oder manner gëtt e Mindestbetrag vun 8,50€ berechent. | **1,70€** /kg |
| **Tut fir Reschtoffall** | **15€** /Tut |

**POUBELLE FIR ORGANESCH RESSOURCEN**

| | |
|---|---|
| **1. Poubelle** | |
| 120L | gratis |
| 240L | 60€ |
| **Zousätzlech Poubelle** | **60 - 120€*** /Joer |

**POUBELLE FIR GLAS**

| | |
|---|---|
| 120L | 60€ |
| 240L | 120€ |
| 1100L | 660€ |

**POUBELLE FIR PABEIER/KARTONG**

| | |
|---|---|
| 120L | 60€ |
| 240L | 120€ |
| 1100L | 660€ |



*De Präis hänkt vun der Kapazitéit vum Behälter of.

## Konkret Beispiller

### Beispill A

Ee Stot vu 4 Persoune mat enger aktueller Moyenne vun ~90kg pro Persoun pro Joer = 360kg fir 4 Persoune pro Joer.

**FACTURE**

| | |
|---|---|
| Basis Tax | 36€ |
| Behälter *(240L)* | 36€ |
| Gewiicht *(360kg × 0,90€)* | 324€ |
| **TOTAL:** | **396€** |

Facture mam ale System

**FACTURE**

| | |
|---|---|
| Basis Tax | 60€ |
| Behälter *(240L)* | 60€ |
| Gewiicht *(360kg × 1,70€)* | 612€ |
| **TOTAL:** | **732€** |

Facture mam neie System an enger duerchschnëttlecher Quantitéit vu Reschtoffall

**FACTURE**

| | |
|---|---|
| Basis Tax | 60€ |
| Behälter *(240L)* | 60€ |
| Gewiicht *270kg × 1,70€)* | 459€ |
| **TOTAL:** | **579€** |

Facture no enger Reduktioun vu 25% (270kg aplaz vun 360kg)



## Beispill B

Ee Stot vun 2 Persoune mat enger aktueller Moyenne vun ~120kg pro Persoun pro Joer = 240kg fir 2 Persoune pro Joer.

| FACTURE | |
|---|---|
| Basis Tax | 36€ |
| Behälter *(120L)* | 0€ |
| Gewiicht *(240kg × 0,90€)* | 216€ |
| **TOTAL:** | **252€** |

Facture mam ale System

| FACTURE | |
|---|---|
| Basis Tax | 60€ |
| Behälter *(120L)* | 0€ |
| Gewiicht *(240kg × 1,70€)* | 408€ |
| **TOTAL:** | **468€** |

Facture mam neie System an enger duerchschnëttlecher Quantitéit vu Reschtoffall

| FACTURE | |
|---|---|
| Basis Tax | 60€ |
| Behälter *(120L)* | 0€ |
| Gewiicht *(180kg × 1,70€)* | 306€ |
| **TOTAL:** | **366€** |

Facture no enger Reduktioun vu 25% (180kg aplaz vun 240kg)




Dës Beispiller weisen, datt Dir Är Rechnung och mat den neien Tariffer däitlech reduzéiere kënnt, andeems Dir manner an déi gro Poubelle geheit. Deen effektiivste Geste: benotzt Är Poubelle fir Är organesch Ressourcen. **All Kilo, deen net an der groer Poubelle lant, bedeit Erspuernisser fir Iech a manner Impakt op d'Ëmwelt.**

# Servicer am Iwwerbléck

## Wat sech net ännert

1




All Collecte vu Reschtoffall vu **manner wéi 5kg gëtt zum Tarif vu 5kg verrechent**, well déi technesch Virriichtungen et net erlaben, méi kleng Quantitéiten ze erfaassen.

2




D'Sammlung vun den anere Frakt-iounen (Pabeier/Kartong, Glas an organesch Ressourcen) **bleift gratis**. Dat gëllt och fir Valorlux-Tuten.

3




**Gratis Accès** zum Ressourcenzenter Minsbech bleift fir all Stot bestoen.

4



D'Rechnung hänkt ëmmer vun **Ärem Verhalen** of: **Geheit net sou vill ewech, maacht ee besseren Tri a bezuelt sou manner!**

## Wat sech fir lech ännert




### D'Frequenz vun der Collecte vun de groe Poubellë gëtt reduzéiert


Duerch Är Beméiunge beim Tri gouf d'gro Poubelle 2024 jee no Gemeng an der Moyenne pro Stot nëmmen 1,64 bis 1,98 Mol am Mount erausgestallt, also manner wéi zweemol! Dës positiv Entwécklung mécht et méiglech, d'Frequenz vun der Collecte ab dem 1. Januar 2026 op zweemol am Mount unzepassen, wouduerch Käschten agespuert ginn, wärend d'Qualitéit vum Service bäibehale gëtt. Dat hëlleft och de Kuelestoffverbrauch duerch d'Camionstrajeten ze reduzéieren. **Manner Faarte bedeite manner verbrauchte Brennstoff an dofir manner $CO_2$-Emissiounen.**

| VIDANGË VUN DE RESCHTOFFALL-POUBELLEN AM JOER 2024 | | | | |
|---|---|---|---|---|
| GEMENG | Conter | Nidderaanwen | Sandweiler | Schëtter |
| TOTAL U VIDANGEN | 39 764 | 57 883 | 29 173 | 31 557 |
| MOYENNE VUN DE VIDANGË PRO MOUNT | 3 314 | 4 824 | 2 431 | 2 630 |
| UNZUEL U POUBELLEN | 1 675 | 2 497 | 1 462 | 1 607 |
| FREQUENZ U POUBELLES-VIDANGË PRO STOT AM MOUNT | 1,98 | 1,93 | 1,66 | 1,64 |

# Wéi een den Impakt vun der Präiserhéijung limitéiere kann

D'Tariffer klammen, awer Dir kënnt Moossnamen ergräifen, fir den Impakt op Är Rechnung ze limitéieren. Hei sinn e puer einfach an effektiv Schrëtt:

1




**Effikass trennen an d'Erausstelle vun der groer Poubelle optimiséieren**

Iwwerpréift Är Rechnung: wann Dir reegelméisseg fir 5kg bezuelt, ouni dëst Gewiicht z'erreechen, da stellt Dir Är gro Dreckskëscht ze dacks eraus. Waart bis se komplett voll ass, ier Dir se erausstellt.

2




**Liewensmëttelverschwendung vermeiden**

Bal en Drëttel vun alle produzéierte Liewensmëttel lant am Dreck. Wann Dir Är Molzechte plangt, Liewensmëttel richteg lagert a Reschter kreativ notzt, kënnt Dir souwuel Ären Offall wéi och Är Ausgabe reduzéieren. Fannt praktesch Tipps an Iddie fir Rezepter géint Liewensmëttelverschwendung op **www.antigaspi.lu/rotschlei/**.

3




**Onnéideg Akeef reduzéieren**

All Produit, dee mir net kafen, spuert Suen a vermeit Offall. Ier Dir kaaft, frot Iech selwer: ***brauch ech et wierklech?***

4



**Op Produite mat Consigne setzen a vill Verpakunge vermeiden**

Reutilisabel Behälter aplaz vun Eeweeverpakungen, léiwer keen Emballage ewéi iwwerverpaakte Produiten, klassescht Geschier aplaz vu Wegwerfgeschier: dës Choixe reduzéieren Ären Offall an d'Ausgaben op laang Siicht. Wielt also prioritär no Qualitéit, Nohaltegkeet a Reparaturfäegkeet aus, aplaz sech fir de bëllegsten, awer manner héichwäertegen Artikel ze decidéieren.

5



### Sou vill wéi méiglech kompostéieren

D'Gemeng Schëtter bitt ee Subside fir de Kaf vun engem individuelle Kompostbehälter.

6




### Den Tri weider verbesseren

Ee méi geneeën Tri bedeit manner Reschtoffall, dee verbrannt gëtt a méi recycléiert Ressourcen (Glas, Pabeier, organesch Ressourcen). Benotzt Är Bio-Poubelle fir Är organesch Ressourcen, wann Dir nach keng hutt, frot gären op Ärer Gemeng no.

Guide du tri

7



### Reparatur aplaz nei Uschafungen

Repair Caféen hëllefen Iech Apparater an aner Saache gratis ze reparéieren. Dës gi reegelméisseg an eise Gemengen organiséiert.

8




### Wielt Secondhand

Am gratis Secondhand-Shop am Ressourcenzenter Minsbech kënnt Dir Artikele souwuel ofginn ewéi och fannen.

Mat dëse Geste spuert Dir duebel:

**Dir gitt manner aus, andeems Dir besser kaaft, a bezuelt manner fir Ären Offall.**




# Den neie Ressourcenzenter zu Minsbech - E Pionéier fir d'Kreeslafwirtschaft





D'Entwécklung vun den Ufuerderungen am Beräich vun der Ressourcëgestioun an dem Ëmweltschutz erfuerdert eng Moderniséierung vun eisen Infrastrukturen. Fir e Service ze garantéieren, deen op d'Zukunft ausgeriicht ass, investéiert de SIAS mat senge Membergemengen an en neie Ressourcenzenter zu Minsbech, deen eis Regioun zu engem Virbild fir d'Kreeslafwirtschaft mécht.

Deen neien Zenter gëtt net nëmmen eng einfach Sammelstell, mee eng Plaz, déi sech der Kreeslafwirtschaft an der Nohaltegkeet verschreift. Doriwwer eraus gëtt dat Gebai och den neie Verwaltungssëtz vum SIAS mat all senge Servicer vum Ëmweltschutz iwwert de Klimaschutz hin zum Naturschutz.

De Projet, deen am Aklang mam groussherzogleche Reglement vum 15. Mee 2025 zu de Ressourcenzenteren entworf gouf, geet iwwer déi gesetzlech Ufuerderungen eraus, andeems en erweidert Servicer an innovativ Léisungen ubitt:






**Confort erhéijen**

Ee méi einfachen a sécheren Zougang, Schutz géint d'Wieder a reduzéiert Waardezäiten duerch eng besser Organisatioun beim Oflaf.

**Niddregen CO2-Ausstouss**

Installatioun vu Photovoltaik-Panneauen um Daach, eng Holzkonstruktioun an eng Niddreg-Kuelestoff-Zertifizéierung vum Verwaltungsgebai (LCBI).





**Reparéieren a weider benotzen**

Speziell Plazen erméiglechen et, Objeten ze flécken an hinnen en neit Liewen ze ginn.

**Schutz vun der Biodiversitéit**

Naturno Gestaltung a Schutz vun den heemeschen Déieren a Planzen duerch ënner anerem gréng Diecher a Fassaden.

## Nei Servicer zu Ärer Verfügung

De Ressourcenzenter wäert Räim ubidden, wou nei innovativ Servicer getest an entwéckelt ginn, fir eist Engagement an der Kreeslafwirtschaft ze stäerken.

- Permanente Repair Café
- Erweiderten an innovative Secondhand-Shop
- Offer fir Handwierksgeschier auszeléinen an ze tauschen

*Gutt ze wëssen*

## Erausstelle vun de Poubellen

Vergewëssert Iech wgl., datt Dir Är Poubellen op Ärem Grondstéck placéiert an net um Trottoir. Stellt se och net ze fréi eraus: den Dag virun der Collecte, ab 19 Auer, ass déi ideal Zäit.



Campagne “Këmmert iech ëm ären Dreck”

*Wousst Dir?*

Andeems Dir 1kg Reschtoffall manner pro Woch ewechgeheit, kënnt Dir am Joer bis zu 88,40€ aspueren.



# Är Gemeng un Ärer Säit

D'Upassung vun den Tariffer ka besonnesch fir verschidde Stéit belaaschtend sinn: grouss Familljen, Eltere mat klenge Kanner, eeler Leit. Är Gemeng ënnerstëtzt Iech mat finanziellen Hëllefen, fir Ären Offall ze reduzéieren an Är Rechnung ze verklengeren.

- Subside fir de Kaf vun engem Kompostbehälter
- Subside fir d'Entsuergung vu Wëndelen an aneren hygieeneschen Artikelen
- Subside fir d'Reparatur vun engem Haushaltsapparat
- Subside fir d'Ersetze vun der Batterie bei engem elektresche Vëlo



## Conclusioun

Zënter 2021 huet d'Null-Offall-Strategie vun eise Gemenge seng Wierkung bewisen: manner Reschtoffall, ee besseren Tri an eng méi fair Facturatioun. D'Upassung vun de Tariffer am Joer 2026 ass néideg, fir d'Nohaltegkeet an d'Qualitéit vum Service ze garantéieren, wärend gläichzäiteg d'ëmwelttechnesch a gesetzlech Ufuerderungen erfëllt ginn.

Dank dem Prinzip "pollueur-payeur" behaalt Dir d'Kontroll iwwer Är Rechnung: ***wat Dir méi trennt a reduzéiert, wat Dir méi spuert.***

Mir soen all de Biergerinnen a Bierger häerzlech Merci fir hiren deeglechen Engagement. Zesumme beweege mir eis op eng **méi nohalteg, méi fair a méi verantwortungsvoll Gemeng** zou.


#fänkvirun
RECYCLING